# De Mond halen ass net licht

E löschtegt Stéck an ~~engem~~ 2 Akt.

Perso'nen:

| | | |
|---|---|---|
| Be'erkätt | Wirtsfra | |
| Rosel | hir Niês | |
| Gr't | hir Kächen | |
| Maisy | } | |
| Anny | } Guiden (ev. Studentinnen) | |
| Fifi | } | |
| 3 Zigeinermeaercher | } | |
| eng Hause'eresch | } verkléd Guiden | |

- - - - - - - - - -

d'Stéck spillt an der Wirtschaft "Mokreitchen".

- - - - - - - - - -

1. Szen (Wirtsstuff) et he'ert en Guiden sangen : Lauschtert Guiden...
Maisy: (liest): Mokreitchen. Aha, hei si mir richtig.
Anny: Mokreitchen! Endlich. (rifft an d'Coulissen) Erbei' hei ass et, we et gölt! (Maisy a Fifi kommen eran).
Maisy: Hei ass also de berühmt Wirtsstuff, de ken Mansfo'ss betrieden darf
Anny: Nén, t'ass dach e we'neg komesch. Hei ass nömmen e Frae-Paradeis. wo' we- et schengt, de drolegst Wirtsfra rege'ert an de dichtegst Fächen de Kachläffel huet.
Fifi: Hoffentlech sin nach zwe bis drei Zömmer frei.
Maisy: Wann net, da loge'ren mir dech alt am Hingerjuck. (si lachen)
Anny: Hé, ass kén do?
All: Ass kén do?
Maisy: t're'ert sech neischt.
Fifi: et ass , we et am Lidd héscht: Still ruht der See (t'fängt ent un d'Lidd ze sangen, de aner hellefen gleich mat.)
Anny: Wösst der wat ech mengen? Eis gudd Wirtsfra ass daf!
Kätt (hannert der Bühn) Wölls du de Mond halen, du domm Gäns.
(d'Guiden bekucken sech a lachen)
Maisy: So', elo hätte mir emol hir le'f Stömmchen he'ren.
Kätt: (hannert der Bühn) Kömmer dech öm de Kachläffel, alt Döppen!
Fifi: (zom Maisy) dat ass fir dech, al Döppen.
Kätt (hannert der Bühn) Wat? op d'Kirmes wöllst de goen. Hei bleiws de mer. Wat mecht eso eng Gäns op enger Kirmes?
(Guiden lachen)
Maisy: Ech mengen, mir sin richtig. T'ass eis jo gesot gin, mir sollen eis an Uecht huelen; d'Wirtsfra wär ziemlech grob.
Anny: Ge'f se sech emol weisen.
All: Hé... Garcong....Garcong!

2. Szen
Kätt: (könnt eran, eng ro't Nues, Schlösselen um Schirteg)
A wat ass hei fir e Spektakel. Nu macht, dass et gleich roeg hei göt. Sin dat är fein Mane'ren aus der Stadt? Grengt Geme's! Wann dir gär vun engem Garcong bedent wärt, dann eraus hei mat iech. Hei ass nömmen Frae-Personnel An dösem Haus verke're nömmen de feinst an anständigst Dammen. Mierkt iech dat, dir greng Nuesen!
Maisy: Mais, Madame, dat ass et jo, wat mir sichen. E Kaschthaus vun Dammen fir Dammen.
Kätt: A wuerfir huet dir dann elo grad no engem Garcong geruff?
Anny: Ma d'Leid hun eis gesot, hei wir en Hotel, wo nömmen Dammen ake'men, a wo d'Personel och nömmen Dammen wiren. A dun wollten mir emol kucken, op dat woer wär.
Kätt: Ah, dann ass iech verziehen. Mä, wat wir dene Jöffercher dann gefälleg

Maisy: Ma mir wöllen 14 Deg heibleiwen, an duerfir wollte mir froen, ob dir keng 3 Zömmeren frei hätt.
Kätt: Ma gewöss, meng Kanner. Dir sollt 3 Zömmeren kreien; an zwar zur Murgessonn.
Fifi: Hun se dann net och e wenig Owessonn?
Kätt: Mä dach, du klenge Virwötz. Muerges um 4 Auer kannste de sche'nste Owessonn gesinn. (sie lachen)
Maisy: Ech gesin, Madame, dir verstitt Spass, dir gefalt eis.
Kätt: Jo, jo, eso e klengen Spass machen ech nawell gär mat. Mä wann dir de Spott mat mir macht, da könnt der Be'erkätt nach kennen le'ren.
Anny: Do braucht dir sons guer net ze färten. Löschteg si mer, mä net fre. Mir si Guiden. Wat ge'w et soss eng gesalzenen Strof-Predigt vun on Här Aumônier gin.
Kätt: A wien ass dann dat? De Monnie E.
Anny: Dat ass eisen Här Paschtoe.
Kätt: Héschen d'Häre Paschte'er haut Aumonier. Nen, Nen, d'Welt ass awer dach drolleg gin.
Anny: Sot emol, Madame, we heoh ass den Pensionspreis?
Kätt: 2o Frang op de Kapp, den Dag. Do kommt der gudd eweg.
Maisy: Domat sin mir gär zefridden,
Kätt: Dir Jörfercher, elo sot dir mir nach är Nimm. Ech muss iech nach an den Friemenrejöster aschreiwen.
Maisy: Mir sin d'Guide vu.... Mir wöllen eis hei e wenig erhuelen., well d'ganzt Joer an der Scho'l agespart sin.
Kätt: We! eso gro'ss Fr aleit gin nach an d'Scho'l? Schéckt iech, da gitt der net agespart.
Fifi: Wösst dir et dann nach net? Vun elo un stode'ren iwerhapt nömmen me d'Fraen. D'Männer bleiwen sche'n dohem.
Maisy: Fir de Stot ze machen,
Anny: ze kachen
Fifi: ze flecken
Maisy: d'Better ze machen
Kätt: Do geschitt dene Fraleitsschönner emol Recht.
Maisy: Et schengt, dir sid net gidd op d'Männer ze spriechen?
Kätt: Ech... vergöften könnt ech se alleguer.
Fifi: Dir wart wuel ni bestued? Madame.
Kätt: Ma jömmen a gewöss! Zönter datmei Mann se'leg, eisen Bärend, gestue: ass, därf mir ke Mannskärel me mein Haus betrieden.
Anny: Da sid dir gudd bei ons. Mir sin och net fro mat hinnen.
Maisy: Zemol, wann se mat hirem Tubaksdamp all Eckchen am Haus verpeschte: an iwerall speitzen.
Fifi: A wann se mussen fir all Gelegenhet eng Dröpp drenken. An dann nom Branntwein stenken... Fich, t'ass net ze richen.
Anny: A wann se nuets öm de muergen hembontzelen a kre'en de Schlössel net an d'Lach kre'en.
Fifi: Jo, a wann se beim Football am Platz de Ball, en dem aner d'Ben durchrennen.
Anny: A wann se ömmer um Dösch de beschte Meifel musse kre'en. Ech gesin e et jo bei eisem Jos.
Maisy: Felt e Knapp, dann hescht et gleich: mech losst der fatzeg do-römmer lafen.
Fifi : Wa se gär Zigaretten hun, dann muss en spurestrechs scho lafen, läfs de net, dann höllt en dech. Et huet keng Not dat si eis eso se'er Schokelas-Knippercher sichen gin.
Anny: An dann den Zodi mat de Colliesknäpp, mat de Bretellen, mat de Pochetten. Dehem mat hiren Schwesteren ~~xxx~~ a Fraen sin et Deiwelen an bei den aneren verdre'en se d'Aen we en August am Zirkus.
Kätt: Jo, Jo, elo ~~kkkkk~~ könnt dir net genug op d'Mansleit klappen. An derno kritt der alleguer net se'er genug en. Jiddereent muss jo dach eso e Flappes hun. Je, je. ech mengen, wann ech iech emol eng Ties'che gudde Kaffi serve'ren giff lo'ssen. Kommt, ech weisen iech är Zömmeren. (allof).

6. Szen (Kättan der Dier)

Kätt: Mengst du domm Porrette, de gescheit Jofferen braichte nach e Vortrag fun dir? Hues de soss neischt ze machen? (Rosel of)

Kätt: (hannert der Bühn) Du verdings net emol d'Wasser was de drenks, lid derecht Stéck. Du ges mer net op d'Kirmes... verloss dech drop!

Maisy: Do he'ert en jo, we güdd dat aremt Kand et bei der Matant huet.

Anny: Et de't mir led fir de arem Grimmel.

Fifi: Ech hun eng Iddi. Mir mussen eppes fannen, we mer de dreg Hex dru kre'en, dat d'Kand e Sonndeg kann hemgoen.

All: ganz richteg.

Maisy: Wa jidderent vun eis him 2o Frang fir seng Mamm mat hem gief, dat wär bestömmt eng B.A.

All: Averstanen.

Anni: Sche'n wärt et, wa mir giffen an der Zeit seng Dengschter am Haus machen. Eng Guide ass beret, alle Mönschen ze hellefen, we a wo se

Fifi: Mais nach ent musse mer ower och nach machen; mir mussen der be'se Wirtsfra eng stichten.

All: Jo, jo. dat muss gesche'en.

Maisy: Awer wat?

All: J. wat?

Fifi: Losst mer eng Wett mat hir machen.

Anny: Dat wir keng schlecht Iddi. Awer wat?

Fifi: Dat fönnt sech schon.

7. Szen

Gret: Schmacht et, dir Jofferen?

All: Merci, gewöss, gewöss.

Maisy: Sot emol, Joffer Gret: wofir darf d'Rosel net hem goen? (korrigéiert: "Maisy" duerchgestrach, "Rosel" driwwer geschriwwen)

Gret: Wat d'Meschtesch emol an hirem Deckkapp huet, ass hir net auszerieden. An si färt, si misst dem Maisy den Zug bezuelen.

Anny: D'aremt Kand huet wenig Fred hei.

Gret: Dat well ech net grad soen, Hirt Herz ass eigentlech vill besser, we hire Mond. Awer si färt si gief e puer Frang verle'ren, wann d'rosel hemgeng.

Anny: Mir giffen schons gären dem Kand sein Dengst man an der Zeit.

Fifi: Mengt der mir sollten net emol bei der Wirtsfra probe'ren?

Gret: Dir könnt jo emol probeRren. Awer wann de eng Ke'er mat hirem Deckkapp nen gesot huet, bleiwt et nen.

Fifi: Hölleft dir ons da vleicht?

Gret: Ma secher.

Fifi: Dann get d'Rosel och e Sonndeg hem. Ech setzen iech mei Plang ausernen.

Gret: Ma do sin ech virwetzeg.

8. Szen

Kätt: Ah so, du al Firwetzdut. Streck deng Nues hurteg an deng Döppen. Ge d'Zopp kachen.

Gret: Jeitzt net eso, Madame Kätt, et ass jo ere'scht 1o Auer.

Fifi: Sot emol, Madame, mir hun elo grad der Kächen eng Wett ugebueden.

Kätt: De soll mat de Kachdöppen wetten.

Fifi: Ma, da lauschtert emol.

Kätt: Daje alt!

Fifi: Mir hun nämlec dervun geschwat, dat d'Fraen ... mir mussen et jo gestoen, de Mond net gudd können halen. An do huet d'Kächen gesot, : könnt e ganzen Dag goen, on e Wuert ze soen.

Kätt: Dé, dat ass grad de richteg.

Fifi: Aha, he'ert der Joffer Gret, (zum Kätt) Mir hun och zo hir gesot, we si et eng Stonn ferdegbre'cht, gi fe mir hir 1do r.

Kätt: Mais de do Wett gief ech och gleich matmachen.

Fifi: Ja, mat wem solle mer d'Wett dann elo machen. d'Kächen ass eigentle vir.

Kätt: Ech hun besser Zeit ewe si. Ge du kachen.

Maisy: Joffer Gret, sid dir domataverstanen?

Gret: Mengetwegen. Awer schwärzen losen ech mech, wa si et packt.

Kätt: Abé guud, loss mer probe'ren.
Maisy: Also eng Stonn lang ke Wuert schwetzen. Gewann dir d'Wett, da kritt dir 100 Fr, an dir könnt nach e Wonsch un eis richten. Gewanne mir, da kre'e mir vun iech 100 Fr an et stet eis nach e Wonsch frei. Sidd dir domat averstanen?
Kätt: Me licht hun ech nach keng 100 Fr verdengt. We'ni get et lass?
Anni: Nun he'er: ech hun se verdengt!
Fifi: Dir sidd scho satt vum Bro't, den der iwerhapt net huet.
Maisy: (wann ~~kaxx~~ an engem Akt gespillt get, set et)
Mir gin elo nach an d'Duref eist Gepäck sichen, an dann halt dir de Back, wann mer eröm sin.
Oder: bei zwe'n Akten, set d'Maisy:
Ech mengen, de Mötteg geng et am besten.
Kätt: Da gitt iech nach d'Gegend e wenig ukuoken. Um 2 Auer göt eresoht giess.
Anny: an durno get et lass.
Fifi: Madame Kätt, kann d'Joffer Rosel net nach en ganz dringenden Bre'f an d'Duref droen?
Kätt: Ma geöss, ma gewöss....
Fifi: Da schwätzt iech nach eng Ke'er guud aus, fir dat der alles gesot huet, wann der de Maulkuref ukritt.
(eventuel: Rideau - Schluss vum Akt). (Guiden of)

~~2. Szen~~: oder: 2. Akt, 1. Szen

Kätt: (huet eng Stréck, eng Tas Kaffi oder en Humpen Be'er virun sech) E feint Geschäft. O Donner an der Deiwel. 100 Fr an enger Stonn, an ze schaffen, oni ze schwetzen. Ma eso en Exercice giff ech e ganzen Dag machen; dat ge'f en Do'lon. Prost Strass, elo könnt e Schluet! (trenkt)
Maisy an Anny kommen eran mat Cofferen, huelen eraus: Stréck, Hékelarbecht Zecheblock, Buch Oder soss eppes)
Maisy: Madame, hal der Mond?
Kätt: A wat ass? Wann d'Be'erkäätt eng Ke'er jo set, da bleiwt et jo, wann der Deiwel mat enger Atombomm giff no mir geheien, dir kennt d'Kätt nach net.
Maisy, Anny: Bravo! Bravo!
Maiy: Wann d'Fifi eröm ass, kucken mer, wat eso e Be'erkätt verdrét. Et gé gleich lass. Hal iech prett.
~~Rxfxx~~ Anny: Macht iech alt e Knut an d'zung an e Klausohter op de Mond, dat en iech net opgét, wann et gölt.
Kätt: (zitt Schölleren, mecht en decken Mond, röselt de Kapp, weist mam Fanger op de Mond)
Anny: Wat ass geschitt?
Kätt: Gesit der, we ech de Mond halen? kanneregt Gezei!
Maisy: Hei leien eis 100 Fr.
Kätt: Meng och (let se dur) alleguer bei seoh)
Anny: (let d'Geld an d'Mött) Dat waren är! Get et iech nach net bang?
Kätt: PöH! Ech hun an mengem Liewen nach net gefart; zanter ech bestud war, färten soguer d'Männer mech. Awer ent halen ech mir aus.
Maisy: Ja?
Kätt: Dat ech an der Stonn eppes schaffen kann.
Maisy: Nätirlech. Dir därft strecken Anny: bitzen
~~Anny~~ Maisy: Kaffi schluppen — en Humpen stemmen
fömmen — jicken
ho'schten — speitzen
ne'tzen — kratzen
lachen — kreischen
gapsen — je'meren
danzen — peifen
kno'teren — grommelen
Kätt: och schlo'fen.
Maisy: ~~haar~~ Hen do könnt dir drémen an am Dram schwätzen, an dann hätt dir verluer.
Kätt: Daje alt, mach dir wat dir wöllt. De Mond halen ech ewe e Fösch am Wasser, och oni ze schlofen.

~~10. Szen:~~ oder: 2. Akt, 2. Szen

Fifi: (könt eran): So, elo ass alles an der Rei.

Maisy: Aha, de gro'sse Moment ass do. ~~Rennx Oudx~~ De Mond zo! ent, zwe, Zo!

Kätt: (wöllt nach eppes soen)de aner wenken a wesien op d'Tas, resp Glas.

Fifi: (hölt Zechenheft an zeohent) Da loss mer emol der Joffer Mokreitchen hir wonnerbar Fisseminn (Physionomie)molen. (lachen, Kätt kuckt ellä

Anny: (zum Maisy) Losst mir zwe der Madame Be'er och nach e Steckche sanga (sangen e Spottliedd) ev. Frau Bärbel)

Fifi: Maisy, ge sich mer mei ro'de Löppenstöft, fir der Madame hiren gölän Keizen (weist op d'Nues) ze molen.

Maisy: So emol, Fifi, we schreiwst du dann önnert d'Bild vun der Wirts-madame? vleicht: die Frau Wirtin zum feuerspeienden Vulkan (Nues)

Anny: Elo get mir eng Licht op: wösst dir, fir wat keng Mannskerel me darf heieranner kommen? Mä d'lescht ko'men jo d'pompjeen ugeritten fir hei e gro'sse Brand ze läschen, d'ganzt Duref war op de Beni et brennt, et brennt, am Kätt senger Kummer. A we se dun mat mat de Lanzen wollten zur Fönster astritzen, hei, da geso'gen se jo dat ~~at~~ dem Kätt seng Nues eso gefenkelt huet, so dack we hat se gebotzt.

Maisy: Du kanns och schreiwen: Mokreitchen an No't

Anny: d'nues ass ro't.

Fify: Madame Mokreitchen, wöklt dir net e wenig me fröndlech kucken, Mir schecken d'Bild gär op Pareis an d'Ausstellung.

Maisy: Si packt et.

Anny: Dat wär faul.

Fifi: an ons 100 Fr. (d'Kätt greift derno a schmunzelt)

Maisy: Huet se net elo eppes gesoh? (d'Kätt erfe'ert, röselt de Kapp)

Anny: Du kanns wuel denken.

Maisy: Fir d'Zeit ze verdreiwen, spillen mir elo "Sturm an allen Ecken" oder"moderne Rundfunkübertragung"

(d'Kätt mecht de Mond op, fir ze schwetzen, schlet sech awer nach mat Hand drop)

(si huelen Watt op den Dösch a blosen se vun engem zum aneren, dann op d'Kätt zo, a seng Tas oder Humpen)

~~11. Szen~~ 2. Akt, 3. Szen

(3 Zigeinermedercher trieden op) *Weidt e Meidchen als Zigeinergang)*

Maisy: Oho, wat eng hech E'er. 3 Zigeinermedercher aus Honolulu. Guiden, mir gegre'ssen se mamm Zigeinergro'ss.

Fir d'Begre'ssong: 4 x mat den Hänn op den Dösch schloen
4 x an d'Hänn klaken
4 x mol Ha ruffen
1 x op den Dösch schloen
1x an d'Hänn klaken
1 x Ha rufen

Alleguer: Salem aleikum.

d'Zigeinerinnen äntweren mat engem exotischen Ban (Rigedigedi z.B.
zum Schluss: Salem aleikum. Verneigung

Fifi d'Zigeinerliäd (ev. "2Chinesen...

Maisy: Werrr sent sär gerriirrt. Ganz sär schen. Werr dänken särr viil mool Eich zu Aerren make mär ä Zigeinerkonstick. Wuppeli, Wuppeli, frupp, frupp, , frupp. ( 2 Zigeinerinnen huelen jidferent d'Enn vun en Zwirfuedem töschent d'Zänn; an der Mött hängt e Wirschtgen oder e Ste Chocolat oder e Kichelchen.De 1. Zigeinerin, klappt an d'Hänn an de 2 aner "iessen" den Zwir, wen fir d'escht un de Wirschtgen könn ent kommande'ert: Wuppeli, frupp asw.

All: Bravo! Bravo!

1. Zig.: Warum Damm mit de schen Näs nicht sprecken?

2. Zig.: Weh hat Zän?

3. Zig.: Krieneaug an de Fis?

Fifi: d'Madam ass dafstomm.

1. Zig.: Staubaumm, staubaumm, sär, sär schrecklich. Arme Fra.

2. Zig.: Ich irr de Oren putz?

3. Zig.: De Zung lasschneid mit mei Kneip.

~~12. Szen:~~ oder: 2. Akt, 4. Szen

Gre't: A wat ass hei lass?
Fify: d'Madame Kätt huet dösen Zigeinerinnen erlabt e puer Akrobatesteker an der Wirtsstuff opzefe'ren.
Gre't: Nén, do bleiwt mir de Verstand stoen. Huet si Zigeiner an hirem Haus gelidden, an eso engem anständigen Haus?
(Kätt röselt de Kapp, mecht dem Gret Zéchen d'Zigeinerinnen eraus ze geheien)
Gret: (stellt sech verwonnert) Wat? ech soll se ömärbelen? O daje alt! (mecht all Ke'er e Knix an ömärbelt eng Zigeinerin, Kätt sprengt op (fuchtelt mat den Aerm, setzt sech, lest de Kapp henken)
1. Zig.: (zum Gret) Si sein gut Fra.
2. Zig.: Si wäs schenken arm Zigeinerin?
Gret: A eso. Och nach en Häddelchen gif de Lompepak nach gäre machen. Git bei si (weist op d'Kätt) si ass reich, huet Suen a Frangen.
3. Zig. Arm Fra, dat nix spreck und hör kann.
Gret: (zum Kätt) an dat losst dir euch gefalen von dem hergelafenen Zigein vollek? (Kättmecht eng Fauscht) We', si kann wirklech net schwätzen (jemert) Eis Madame huet e Schlag kritt. T'ass zevill schrecklech. Do muss ech d'Rosel hurtig bei den Dokter schecken. (get of, Kätt wöll se unhalen, Gret rennt fort.)
1. Zig.: Arm Fra, nix hör, nix spräch. (wöllt se streichelen.)
2. Zig.: Nas sär we. Sär feierrot, am Fra Wirtin. Irr sär schen Lidd sing
Anny: Was wollen sie dann singen?
3. Zig.: Lustig ist Zigeunerleben
All: Bravo! Bravo! (gin hinnen e Gelasteck)
~~Anny:~~ Fifi: So, nun geht, denn die Wirtin kann das viele Sprechen nicht vertragen.
Zig.: sär leid..sär leid. (eine – Zigeinerjong – will sie – Kätt empört! – küssen, die andern trinken ihren Kaffee oder Bier) nehmen etwas mit).
Maisy: O Madame Kätt, et dät eis eso léd, datiech de Stonn Mondhalen eso sauer gemet göt.
Fifi: Mist herzlechst Beiled.
Anny: Ech mengen, dir gewannt. d'Zeit get se'er eröm.
(Kätt schmunzelt, kuckt d'Geld, an dreckt hinnen e A zo).

~~13. Szen:~~ oder: 2. Akt, 5. Szen

Hause'esch: (hannert der Bühn) Maisfalen, Ratefalen, Kuchepanen, Blechpanen. (könt eran) Aha, hei sin jo Leid genug fir e Geschäftchen zemachen. Hei ass e neit Patent vun enger Ratefal. Dir fängt der lo matenén. Left de eng eran, kommen de aner 9 no. Ke Liebhaber. Aha, hei ass d'Hausmeschtesch. (Kätt weist op d'Dier). Mais wann dir keng Ratefal wöllt, heihun ech och eng ganz patent Maisfal. Mat der könnt der och Wanzen, Fle a Lais fenken. (lachen) Dir braucht net ze lachen; ech fenken meng Fle alleguer eso.
All: Brr.Brrr!
Maisy: Meng le'w Madame, mir brauchen neischt eso.
Anny: Mir hun keng Raten
Fifi: och keng Mais
Maisy: a keng Lais
Anny: a keng Fle
Fifi: frot emol d'madame Be'er.
Hause'esch: ~~[illegible]~~ Aha. fir d'Madame
~~Maisy:~~ hun ech eng gudd Salef fir hir kleng wond Ne'schen. (d'Kätt spre'ngt op, geheit d'Hause'esch zur Dir aus)
All: Bravo! Bravo!

~~14. Szen:~~ oder: 2. Akt, 6. Szen

Gret: Wat ass geschitt? Wat ass dat fir e Spektakel? Schwätzt se nach ömmer net?
Maisy: Nen, ken Pipcheswiertchen.
Gret: emol ze domm eso eppes. (zum Rosel) zönter enger halwer Stonn set se ke Wuert me, schneidGesichter, gestikule'ert mat Hänn a mat Fe'ss Ech färte se get tobsüchtig oder tollwütig. Du muss onbedengt den Dokter siche goen.
Rosel: Matane, huet der we? Arm Matant!

Rosel: Matant, huet der We? Arm Matant!
Anny: Mei le'wt Kand. Bei ärer Matant, do ass eppes am Kapp gesprong, an da kann e net mi schwätzen.
Fifi: Jo, d'Fleckfe'wer aus der Nues zitt an de Kapp; dir gesitt, we ugreffeg si gidd. Bleiwt eweg vun hir!
Rosel: Ass dann do neischt ze machen?
Maisy: Do ass nömmen den Dokter vun Ettelbreck, den hellefe kann.
Gret: Da laf hurteg op de Schnellzug a breng den Dokter aus der Anstalt mat; so him, (hemlech) e soll den steiwen Paltong(Zwangsjack) net vergiessen et presse'ert.
(Kätt mecht zwo Faischt. Weist op d'Dir)
Maisy: Geseis de, den gMatant wenkt, du solls gleich goen.
(Gret zitt Rosel fort)
Gret: Du brauchs net ze kreischen, den Dokter vun Ettelbreck krit si eröm an d'Fassong. Do hun si der me, wo et uewen rabbelt.
(Fätt: stellt sech mat 2 Faischt virun d'Gret)
Anny: Laft se'er, Joffer Rosel, d'Sach göttömmer schlemmer; elo göt si och nach ugreffeg.Sot den Doktor soll d'Zwangsjack net vergiessen. (di drecken d'Rosel zur Dir aus)
Fätt: Wölls de hei bleiwen. Gäs de röm elo! Wöllen de soen, d'Be'erkätt wir geckig!
All: Bravo! Bravo! Gewonn! Gewonn! Madame Kätt, 1oo Fr. 1oo Fr.
(kätt schlet sech op de Mond, proteste'ert)
~~Maisy~~ Kätt: O dir lausegt Ve! Ech kann netsoen, wat ech wöll. Dir hat mech bal geckeig gemach. Dat gölt net!
Maisy: Veruer, as verluer! An elo nach eise Wonsch.
Fätt: Oho! dat och nach!
Anny: Mir bieden iech d'Joffer Rosel hem bei seng krank Mamm goen ze losen.
Fätt: Nen, et bleiwt hei.
Fifi: An ärt E'rewuert. Dir huet dach gesot: wann d'Be'erkätt jo set, bleiwt et jo, och wann der Deiwel mat enger Atombomm no mir geheit.
Maisy: d'Rosel get hem.
Fätt: A wien mecht mir meng selegen Arbecht?
Anny: Dat machen mir.Dir werd schons zefridden mat eis sin.
Kätt: Ech wess net, soll ech dem Gede'esch trauen können. Awer dir darft mech net nach meng Ke'er uschmieren, soss le'ert d'Be'erkätt kennen.
Fifi: d'Maisy kritt de 1oo Fr. /d'Rosel/
Kätt: d'Rosel kritt se ? Daje . d'huet wuel gudd verdengt, well et ass e bravt a wackeregt Kand. So' denger Mamm an dem Maria e schene bonjour.
Rosel: Merci Matant. We sin ech elo eso fro.
Gret: Da komm mei Kand, soss verspe'ts du den Zug nach. Du brauchs awer den Dokter net ze schecken. (lachen) (Rosel of)
Kätt: O du schmantegen Breileffel, du stenkegt Sauermo'sgas, du gellecht Cornichongsdöppen, mach dech an d'Kichen bei dengesgleichen, al ~~Döppen~~ Casserol
(Kätt an di aner lachen) (Gret of)
Kätt : An dir 3 Stadterbötschelen, muss dir dofir nach an d'Scho'l goen fir al Fraen geckig ze man? Wat sidd dir eigentlech fir eng Band?
Maisy: Mir sin Guiden. An eng Guid lacht a sengt, och wann et schwe'er fällt A mir sin ömmer löschteg a stichten emol gären eng, well mir hun iech ofgesinn, dat dir Spass verstitt

~~14. Szen~~ oder: 2. Akt, 7 Szen.

D'Zigeinerinnen an d'Hause'esch kommen eran, le'en hir Verkledong of. Alles lacht, d'Kätt reift sech d'Aen.
Zigeinerinnen: Mär sein die Zigeinerinnen
Hause'esch: An ech sin d'Hause'ewch mat de Maisfalen, de Fle fänken.
Fifi: An do ass de frechen Zigeinerbo'w, den der männerscheier Madame Mokreitchen an hirem männerfreien Haus wollt eng Bés gin.
Kätt: O Donner am Sack! Niederträchtegt Geséms! Elo hun ech schon allerhand hei a menger Wirtschaft erliewt. Dat do awer schlét dem Fass de Buedem an. Ech hu gemengt, Männer wiren schlecht, de jong Fraletszucht ass get nach eng Ke'er gudd Schwe'ermammen fir der Deiwel selwer. (lacht)

All' Oho, oho!
Kätt: (lacht) Jo, jo, vrun iech ass der Deiwel an der Hell emol net me secher; de arem Männer, de so eppes gelueden kreien!
Maisy: Nuje! Spass muss sin; mir hun mat iech gelacht, dir könnt iech och elo e böschen un eis reiwen.
Awer mir soen iech och, ~~fir~~ wat mir wöllen. Mir sin katholisch Guiden, fro' a löschtig. Mais awer ~~e~~eng a fein. A wann et ass fir engem Fred ze man, sin mir net de lescht. All Dag sichen mir wenigstens e Mönsch fro ze man, dat nenne mer B.A. (bonne action). All dag gi mir ons Me', fir ken traurig ze machen. An um Dag vun ons Guideverspriechen hun mir et mat der Hand op de Guidefuendel verspra Bei onser E'er, mat der Höllef vum Herrgott, der Hemecht ze dengen, alle Menschen ze hellefen, we' a Wo' mer können an eist Guidegesetz ze befollegen.
Guiden: Ech verspriechen op meng E'er a matder Höllef vum Herrgott mei Bescht ze dun, fir dem Herrgott, der Kirch an der Hemecht ze dengen, alle Leiden ze hellefen, we' a wo' ech kann, an d'Guidegesetz ze befollegen.

Kätt: Kanner, wann dir dat macht, da kann d'Hemecht ro'eg sin. Da wösse mer, dat gut, brav an edel letzeburger Mammen fir d'Zokunft eropwuesen, zum gro'ssen Notzen vun eisen letzeburger Familjen a vun eiser Hemecht. An ech ge~~w~~ wönschen, all Mederchen wären bei de Guid

E Lidd....

---

d'Stéck ka beliebig erweitert, ömgeännert gin oder de Verhältnisser ugepasst gin.

---

E le'wt, spaasegt Steckelchen ass:

d'Aneleis a sei Jumbo.

Ze beze'en durch d'Zentral

---